



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/11/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An der E-Mail, déi d'Madamm Ministesch Cahen op hirer offizieller Facebook-Page publizéiert huet, schreift si un d'UCVL, datt si de selwechte Mail a Kopie un den Direkter vu Luxtram geschéckt huet an och mat dësem telefonéiert hätt, fir hir Bedenken a Suergen auszedecken.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi enger Funktioun huet d'Madamm Ministesch den Direkter vu Luxtram ugeruff? Gouf dësen Uruff mat engem Telefon duerchgefouert, deen der Madamm Ministesch opgrond vun hirem Posten zur Verfügung steet?
2. D'Madamm Ministesch huet an hirem Mail uginn, Luxtram a Kopie gesat ze hunn. Kann de Minister confirméieren, datt den Direkter vu Luxtram dës Mail krut?
3. Wéi eng Konsequenzen hat den Uruff an/oder d'E-Mail vun der Madamm Ministesch? Am Besonnesche wéisst ech gären, ob Luxtram ...
  - ... Kontakt mat der UCVL wéinst der ugeschwate Konventioun opgeholl huet?
  - ... Chantiersvisitten offréiert, esou wéi d'Madamm Cahen dëst proposéiert huet?
4. Wéini gouf déi vun der Ministesch ugeschwate Konventioun ënnerschriwwen?
5. Op wéi e Montant beleeft sech d'Konventioun tëscht Luxtram an der UCVL? Wéi eng Aktiounen sinn eligibel, fir am Kader vun der Konventioun kënnen couvréiert ze ginn?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

6. Goufen tëschenzäitlech déi Aktivitéiten, déi d'Madamm Cahen an hirem Mail ugeschwat huet, vu Luxtram oder vun der UCVL duerchgefouert? Goufen dës Aktivitéiten innerhalb oder ausserhalb vum Kader vun der Konventioun vu Luxtram mat der UCVL duerchgefouert? Wéi vill vun der Budgetsenveloppe gouf dofir agesat?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député

